Leif Kolleginnen ,leif Kollegen
Mäi Caissen Bericht ass séier gemeet .
Miir haaten u Recetten

- 145 Memberen mol 10 Euro daat mescht 1450 € .
- 120 € huet den Paul Zimmer dem Verein geschenckt aus dem Verkaaf vun senger Publikatioun Merci Paul

Mecht zesummen un Einnahmen 1570 .-
Un Ausgaben haaten mer:

- Registre Commerce 63.-
- Hosting vun eisem Server 69.95 .-
- Restena Frais vun eiser Homepage 40.-
- Assurance Foyer Haftpflicht 83.26 .-
- Eng Affiche fiir den Stand Luxracines zu Leideleng 69 .-

Mecht zesummen un Ausgaben 325.21 Euro
Ett verbleiwen also an der Caisse den 31.12.2009 1244.79 € . Demnaechst koennt nik vill mei eran well Memberen jo 2010 matt bezuelt hunn
Dofiir woell ech och nik mei Trésorier genannt mee Caissier. Well een Trésorier matt groussen Zommen schafft.Miir hunn nik genou Recetten , doffir hunn mer och nik genou Kapital . Eis Situation ass mer fiir unt d'Aan gefouert ginn wéi mer eis Austellung an der Belle Etoile haaten. Dëss Ausstellung, déi wéi der jo wësst een immensen Erfolleg waar an eis Image de Marque ferm oppoléiert huet. Ech soen all deenen Leit merci dei do mattgeschafft hunn .
Miir hunn ett bis dato och verpennt eng Demande de Subside un den Ministère de la Culture eran ze reechen.
Wann mer an Zukunft eppes woellen méi bewegen, ewéi daat waat mer bis elo gemeet hunn brauchen mer méi Recetten.

Ech denken do besonnescht u Sponsoring vun Letzeburger Familjenbicher. Well den Internet ass nik alles an ett hescht eis Daten ze retten an se och zu Pabeier ze brengen . Da koennen se och als E-Book elektronesch gelies ginn , oder als gedreckten Buch an den Bibliotheiken ausgeléint ginn.
Am Kapp hunn ech och (well déi Méiglegkeet besteed elo) DVD vun den Mormonen ze kaafen an eisen Memberen an irgend enger Form zougänglech ze maachen well op den Mormonen Homepage stinnn se nach laang nik all. Paarregester feelen komplett !
Ech denken ewer do och un Visiten an den Archiven zu Koblenz Metz Pareis Breissel,Wittlich , wou den Verein geif een Deel vun den Transportkeschten sponsoren .
Daat alles ass noemmen meiglech matt Kapital.
Wei kreien mer mei Geld eran.

Do gett ett zwou Méiglegkeeten:

Déi éischt Méiglechkeet

Miir hewen den Beitrag ant Lucht ! Waat kritt der elo fiir aer 10 Euro ?

A) En gratis E Mail Adresse
B) Zougaang zu den internen Informatiounen op eis Homepage
C) Meiglegkeet un Visiten deel ze huelen
D) Meiglegkeet un Seminaren deel ze huelen

Wann mer den Beitrag em 10 € ropsetzen brengt daat eis vleicht 1500 Euro mei . Daat ass menger Meenung no nik Rettung

Déi zweet Méiglechkeet

Miir hewen Entree op eisen Journée Régionale an Nationale op.

An eisen Konditiounen steet kloor daat den Organisateur Local un den Recetten bedeelegt gett .

Ech waar op vill Austellungen dest Joor an hunn minimum emmer missten 5 Euro bezuelen obwohl ,wei recemment an der Foire quasi noemmen Verkaaf stattfonnt huet an dei sellegen Austeller vill Stand Geld bezuelen mussen.

Heiriwer muss demnaechst debatéiert ginn.

Ech soen iech villmools merci fiir d'Nolauschteren.